

100 JOER
ALLGEMENGT WALRECHT

#

WIELE
WAT
MIR
SINN

100 JOER ALLGEMENGT WALRECHT

Walurn aus der Gemeng Wal, ëm 1900-1910 – Musée Thillenvogtei



**KEE
WALRECHT
FIR**

**LEIT OUNI
HOND!**

MÄNNER!

SINGLES!

**ALTERNATIV-
VEGANER**

**LEIT MAT
FACEBOOK!**

AUTOFUERER!

WALRECHT VIRUN 1919

D'FRANSÉISCH REVOLUTIOUN (1789)

Am 17. a virun allem am 18. Joerhonnert gouf d'Muecht vun de Kinneken an Europa fir d'éischt vun de Philosophen a Fro gestallt, déi d'Onofhängegkeet vun de Regierungen, Parlamenter a Gerichter gefuerdert hunn.

Bal zu der selwechter Zäit hu schliisslech Revolutiounen zu dauerhafte politesche Verännerunge gefouert – zum Beispill an de Vereenegte Staate vun Amerika (1776) an a Frankräich (1789). Déi politesch Muecht sollt un d'Vollek goen. No an no huet sech de Prinzip duerchgesat, datt déi politesch Féierung vun der gesamter Bevëlkerung soll gewielt ginn.

Déclaration des droits de l'homme et du citoyen, 1789



WALRECHT VIRUN 1919

JUST DÉI RÄICH DIERFE WIELEN ...

Am 19. Joerhonnert konnte just Männer wien, déi genuch Steiere bezuelt hunn. Deemno ware just déi rächste Bierger opgeruff, fir wien ze goen, iwverdeems déi grous Majoritéit vun der Bevëlkerung vun de Walen ausgeschloss blouf.

Mam Zensuswalrecht war d'Walrecht vun 1848 bis 1919 de Männer vu 25 Joer un virbehalen, déi all Joer e bestëmmte Montant u Steiere bezuelt hunn. Dësen Zensus gong am Laf vun de Joren zeréck, soudatt ëmmer méi Männer un de Walen deelhuele konnten. D'Zensuswalrecht gouf iwverdeems verstärkt a Fro gestallt.



Am 19. Joerhonnert gouf et keng Kandidatelëschten. Et huet ee missen den Numm op e Walziedel schreiw- en. Deemno waren d'Walen net geheim.

Am 19. Joerhonnert war et üblech, datt d'Kandide grous Festiesse fir d'Wieler organiséiert hunn. Hautdesdaags ass et dem Gesetz no verbueden, datt d'Kandidatinnen an d'Kandidaten de Wieler*inne während dem Walkampf lessen oder Gedréns spendéieren.

Archives nationales du Luxembourg (AnLux, C-0036)

| Numéro d'ordre. | NOMS ET PRÉNOMS DES INDIVIDUS. | QUALITÉS. | DOMICILE. | TOTAL des contri- butions. | OBSERVATIONS. |
|-----------------|-----------------------------------|------------------|--------------|-------------------------------------|--------------------|
| 1 | Alberty, Jean-Baptiste. | Cultivateur. | Lenningen. | 59 | |
| 2 | Berg, Jean. | Id. | Osweiler. | 50 | |
| 3 | Beving, Charles. | Propriétaire. | Mertert. | 260 | |
| 4 | Biewer, Jean. | Cultivateur. | Beidweiler. | 91 | |
| 5 | Bisenius, Melchior. | Id. | Bech. | 212 | Pour sa mère veuve |
| 6 | Bivert, Jacques. | Id. | Mompach. | 61 | |
| 7 | Braun, Michel. | Id. | Gyvenich. | 90 | |
| 8 | Braun, Nicolas. | Id. | Mompach. | 57 | |
| 9 | Bredimus, Jean. | Laboureur. | Filsdorff. | 64 | |
| 10 | Bruchler, Michel. | Cultivateur. | Herborn. | 73 | |
| 11 | Clodius, Pierre. | Id. | Elvange. | 71 | |
| 12 | Collart, Charles-Joseph. | Maître de forges | Fischbach. | 103 | Imp. à Manternach. |
| 13 | Collart, Jean-Nicolas. | Propriétaire. | Schengen. | 261 | |
| 14 | Diederich, Mathias. | Cultivateur. | Ellange. | 78 | |
| 15 | Dondelinger, Pierre. | Id. | Bucherhoff. | 67 | |
| 16 | Engel, Bernard. | Cultivateur. | Olingen. | 84 | |
| 17 | Engel, Jean. | Id. | Rodenbourg. | 83 | |
| 18 | Engel, Jean. | Id. | Roodt. | 72 | |
| 19 | Engel, Mathias. | Id. | Oberdonwen. | 74 | |
| 20 | Engel, Mathias. | Id. | Olingen. | 74 | |
| 21 | Engling, Claude-Nicolas. | Id. | Bech. | 108 | |
| 22 | Ernzen, Jacques. | Id. | Mompach. | 50 | |
| 23 | Erpelding, Jean-Pierre. | Id. | Berg. | 66 | |
| 24 | Erpelding, Nicolas. | Id. | Rodenbourg. | 71 | |
| 25 | Even, Charles. | Id. | Beaufort. | 60 | |
| 26 | Ferring, Jean. | Id. | Herborn. | 77 | |
| 27 | Fisch, François. | Id. | Breidweiler. | 72 | |
| 28 | Fisch, Pierre. | Id. | Herborn. | 71 | |
| 29 | Gales, Jacques. | Id. | Scheuerhoff. | 110 | |
| 30 | Gales, Jean. | Id. | Birkelt. | 89 | |

Lëscht mat de Walmänner am Distrikt Gréiwemaacher, op Grondlag vun de bezuelte Steieren (1827)

FUERDERUNG FIR EN ALLGEMENGT WALRECHT

ENG GEDEELT GESELLSCHAFT: AARM A RÄICH AM 19. JOERHONNERT

D'Lëtzebuerger Gesellschaft am 19. Joerhonnert war vun enger Grousszuel un Ongläichheete gepräagt. Mat der Entwécklung vun der Industrialiséierung an der Mëtt vum 19. Joerhonnert huet sech eng nei Schicht vu räiche Bierger forméiert. Landbesëtzer, Händler, Entrepreneuren, Geschäftsleit aus der Stolindustrie, Affekoten, Notairen a Juristen hunn d'politescht Liewe bestëmmt. Hanner der Fassad hu vill Aarbechter, Baueren an Do-léiner zu der Kreatioun vum Räichtum bäigedroen, ouni datt sech hiert Liewen doduerch verbessert huet.

De wirtschaftleche Wuelstand an der Gesellschaft an den domat verbunnene politeschen Afloss waren deemno ongläich verdeelt. Bis an déi zweet Hallschecht vum 19. Joerhonnert hunn Aarmut a Perspektivlosegkeet zu enger massiver Auswanderung gefouert, virun allem a Richtung Frankräich a Vereenegt Staaten. Gläichzäiteg wollt sech, vun der Mëtt vum 19. Joerhonnert un, déi nei forméiert Mëttelschicht vu Beamten, Employéeën a klenge Geschäftsleit un der Verwaltung vum Land bedeelegen.

© MNHA inv. 1941-100/454 / Marie-Thérèse Glaesener-Hartmann (1858-1923)



Biergerlech Stuff (1902)

D'ZÄIT VUM ZENSUSWALRECHT (BIS 1918)

FUERDERUNG FIR EN ALLGEMENGT WALRECHT

ENG GEDEELT GESELLSCHAFT:
AARM A RÄICH AM 19. JOERHONNERT

© MNHA



Aarbechter aus enger lëtzebuergescher Eisenäerzminn ëm 1900



JEAN SCHORTGEN (1880-1918)

De Schmelz- a Biergaarbechter trëtt an d'Sozialdemokratesch Partei an. Kuerz virum Ausbroch vum Krich am Joer 1914 kritt hien e Mandat als Deputéierten a gëtt sou den éischten Aarbechter am Parlament. De Jean Schortgen setzt sech do fir d'Aarbechter an, während dem Krich och fir deen Deel vun der Bevëlkerung, dee verstärkt un Honger gelidden huet.

„MIR WËLLE LËTZEBUGESCH
BIERGER SINN AN OCH SOU
BEHANDELT GINN; MIR VERLAAN-
GEN EISEN UNDEEL UN DER HERR-
SCHAFT; MIR WËLLEN, DATT D'GE-
SETZ FIR JIDDEREEN DO ASS AN
DOWÉINST SOLL ET VU JIDDEREN-
GEM GEMAACH GINN.“

– Charles André Engel,
Affekot & Journalist (1892)

NET ËMMER DUERFT JIDDEREE WIELEN

D'ALLGEMENGT WALRECHT AM INTERNATIONALE VERGLACH

| | Walrecht fir Männer | Walrecht fir Fraen |
|---------------|---------------------|-----------------------------------|
| Neuseeland | 1889 | 1893 |
| Finnland | 1906 | 1906 |
| Däitschland | 1871 | 1918 |
| Kenia | 1907 | 1919 |
| Lëtzebuerg | 1919 | 1919 |
| Holland | 1917 | 1919 |
| Brasilien | 1932 | 1932 |
| Frankräich | 1848 | 1944 |
| Belsch | 1919 | 1948 |
| Schwäiz | 1848 | 1971/1990 |
| Kuwait | 1985 | 2005 |
| Saudi-Arabien | 1977 | 2015 Walrecht fir Gemengewalen |
| Brunei | Kee Walrecht | Kee Walrecht |



Eng Mënschendrauf huet sech an der Stad Lëtzebuerg forméiert, wéi d'Resultater vun de Chamberwalen un eng öffentlech Tafel geschriwwe goufen. De Groussdeel vun dëse Bierger hat 1905 nach kee Stëmmrecht.



02

D'ZÄIT VUM ÉISCHE WELTKRICH (1914-1918)

DEN ÉISCHE WELTKRICH AN D'FOLLGEN

HONGER A ROSEREI

Lëtzebuerg war um Éische Weltkrich militäresch net bedeelegt. D'Awunner vum Grand-Duché hunn de Krich virun allem als eng Zäit erlieft, wärend där d'Liewensmëttel knapp waren. Tëscht 1914 an 1918 hu vill Mënschen Honger gelidden!

De Schwarzmaart an de Stied huet geboomt a vill Leit hunn hir Liewensmëttel bei de Bauere kauft, déi d'Situatioun ausgenutzt an ze héich Präisser fir hir Produkter gefrot hunn. D'Regierung war net kapabel, der Hongersnout entgéintzewierken. Déi deemoleg Politiker a Ministere goufen ëmmer méi onbeléift.

© MNHA



De Manktem u Liewensmëttel wärend dem 1. Weltkrich (1916)

© Marcel Schroeder



Loftugrëffer op d'Stad Lëtzebuerg (1918)

© MNHA / Pierre Blanc (1907)




Well d'Liewensmëttel knapp waren, hu vill Famillen „Hamsterkeef“ bei de Bauere gemach.

DEN ÉISCHE WELTKRICH AN D'FOLLGEN

E GEWALTMARSCH FIR D'ALLGEMENGT WALRECHT

D'Jore vun 1914 bis 1919 sinn an der Geschicht vum allgemenge Walrecht zu Lëtzebuerg vun zentraler Bedeitung. Obwuel d'Land während dem Éische Weltkrich vun däitschen Truppe besat war, blouf d'Grand-Duchesse Marie-Adelheid, d'Regierung an d'Chamber am Amt. 1917 koum et zu engem Streik vun den Aarbechter, déi Honger gelidden hunn.



Gläichzäiteg hu Lëtzebuurger Zeitungen iwwe déi revolutionär Evenementer a Russland geschriwwen. Wéi a ganz Europa war déi bolschewistesche Revolutioun am November 1917 och zu Lëtzebuerg fir déi radikalste Vertrieeder vun der Aarbechterbewegung e wichtege Impuls. An dëser ugespaanter Situatioun gouf am Juni 1918 eng nei Chamber gewielt, déi schliesslech eng Verfaassungsreform duerchsetze sollt. Géif et zu engem allgemenge Walrecht zu Lëtzebuerg kommen?

„Wir sollen sein ein FREIES VOLK unter einer FREIEN GROSSHERZOGIN“. Protestmarsch an der Stad Lëtzebuerg (1916)



Säit 1848 garantéiert d'Constitutioon d'Versammlungsrecht.

Zur Kammereröffnung am 11 Januar 1916

Protestmarsch virum Parlamentsgebai (1916)

02

D'ZÄIT VUM ÉISCHE WELTKRICH (1914-1918)

DEN ÉISCHE WELTKRICH AN D'FOLLGEN

POLITESCH KRISEN

Während der Besetzung vu Lëtzebuerg duerch däitsch Truppen ass d'politescht Liewen am Grand-Duché virugaangen. 1915 hat d'Grande-Duchesse eng Regierung ernannt, déi allerdéngs keng Majoritéit an der Chamber hat. Esou en direkten Agrëff vun der Grande-Duchesse an d'Politik hat et virdrun nach ni ginn, wat hir um Enn vum Krich dann och reprochéiert gouf.

D'Ausernanersetzungen tëscht kathouleschen, liberalen a sozialistesche Politiker waren deemools vun enger erstaunlecher verbaler Häert. Et koum zu ville Volleksprotester op de Stroossen. Am Juli 1918 gouf eng nei Chamber ënner der Bezeichnung „Konstituante“ nom Zensuswalrecht gewielt. Si hat den Opdrag, d'Verfassung ze änneren.

© Coll. Chambre des Députés



MARIE-ADELHEID (1894-1924)


Schonn am Ufank vun hirer Amtszäit gëtt hir reprochéiert, d'kathoulesch Kierch parteiesch ze behandelen. Mat der am Joer 1915 agefouerter kathoulescher Regierung ouni Majoritéit an der Chamber huet d'Marie-Adelheid zu enger schwéierer politescher Kris bäigedroen. Déi huet sech duerch en Empfang vum däitsche Keeser matten am Krich zougespëtz. D'Verfechter vun der Republik hu schonn am November 1918 d'Ofschafe vun der Monarchie gefuerdert. Ënner dem Drock vun der Bevëlkerung léisst d'Regierung d'Marie-Adelheid schlussendlech falen. Den 9. Januar 1919 muss d'Grande-Duchesse ofdanken.

DEN ÉISCHE WELTKRICH AN D'FOLLGEN


ENG REPUBLIK?

Um Enn vum Krich hunn Aarbechter en allgemengt Walrecht fir Männer a Fraen, d'Aféierung vum Aachtstonnendag an d'Schafe vun Aarbechtersreit an de Fabricke gefuerdert. Och d'Staatsform gouf a Fro gestallt: Zweemol – am November 1918 an am Januar 1919 – hunn d'Leit op de Stroossen zu Lëtzebuerg fir d'Aféierung vun der Republik demonstréiert – ouni Erfolleg.

Den Drock, dee vun der Bevëlkerung ausgingen ass, huet d'Regierung gezwongen ze handelen. Schon den 11. November 1918, den Dag vum Waffestëllstand, huet d'Regierung e Referendum iwwer d'Monarchie ugekënnegt. Am Dezember gouf den Aachtstonnendag an der Industrie agefouert. Am Januar 1919 koum et zu Onrouen. D'Regierung huet franséisch Truppen ëm Hëllef geruff, fir erëm Uerdnung op de Stroossen ze kréien. D'Bildung vun enger Republik ass gescheitert. Iwwerdeems den 9. Januar 1919 zu Lëtzebuerg Massendemonstratiounen stattfonnt hunn, huet d'Grande-Duchesse Marie-Adelheid zu Gonschte vun hirer méi jonker Schwëster Charlotte ofgedankt.



Opruff vun de Republikaner, fir d'Monarchie ze stierzen (1918/19)



ALOYSE KAYSER (1874-1926)

Den Eisebunner a Gewerkschaftler ass Member vun der Sozialistescher Partei. Hien ass der Meenung, datt d'Ausruffe vun enger Republik déi eenzeg Léisung fir d'Erhale vun der Onofhängegkeet wier. De 9. Januar 1919 demonstréieren d'Leit op de Stroossen vun der Stad Lëtzebuerg fir d'Aféierung vun der Republik. An awer scheitert d'Revolutioun am Joer 1919.

D'ALLGEMENGT WALRECHT**STÄMMEN VUM WALRECHT 1919**

„De Wäert vum Walrecht läit dach net doran, datt de Wieler all sechs Joer eng Kéier bei d'Urn geruff gëtt. De Wäert läit och net doran, datt en all sechs Joer fir zwou bis dräi Sekonnen hanner dräi Brieder steet an e Kräiz um Walziedel anzeechne kann. De Wäert vum Walrecht besteet doran, datt de Wieler Afloss op d'politesch Féierung vum Land gewënnt, op d'Gesetzgebung.“

– Pierre Schiltz,
Deputéierte vun der Rietspartei



„Ech mengen, datt, wann ee schonn a fréiem Alter doru gleewe muss, fir ze schaffen a seng Schanken an Alles duerfir duerhale muss, da wäert een och fäeg sinn, seng Stëmm kënnen ofzeginn. Et muss een nämlech dofir suergen, datt an deem betreffende Land d'Chamber sou zesumme gesat gëtt, wéi et sengem Interessi entsprécht.“

– Jacques Thilmany,
sozialisteschen Deputéierten

„Ech si géint [de Prinzip vun der Walflicht], well et eng Aschränkung vun der perséinlecher Fräiheet ass.“

– Jos Thorn,
sozialisteschen Deputéierten



„Ass d'Fra gläich, dem Mann ënner- oder iwwerleeën? Dës Fro ass onléisbar an opwänneg! [D'Fra] ass anescht, si huet hirem Wiesen no aner Aufgaben; si huet eng aner sozial Roll. [...], well et virun allem d'Fra ass, déi de Mann formt [...]. Aus Respekt virun de Fraen, aus Respekt virun hirer Würd an der sozialer Roll, déi hinnen zoukënn, loosse mir si net op den déiwen Niveau vun der politescher Arena erofklammen, mudde mir hinnen d'Verbatterungen, d'Enttäuschungen an déi hefteg Kämpf aus dem politesche Liewen net zou.“

– Robert Brasseur,
liberalen Deputéierten

„MIR SINN DOFIR, WELL MIR ERÉISCHT DUERCH D'WALFLICHT D'SÉCHERHEET HUNN, DATT DAT GANZT LAND, ALL EENZELN, SENG MEENUNG AUSSCHWÄTZT.“

– Robert Brasseur,
liberalen Deputéierten

„D'Fra ass a ville Fäll selwer berufflech tätig ginn – sou wéi de Mann. An doraus geet ervir, datt d'Fra déi nämmelecht politesch Rechter kréie soll wéi de Mann.“

– Pierre Schiltz,
Deputéierte vun der Rietspartei

„Ob de Kandidat räich ass oder aarm, ob hie bekannt ass oder net – dat alles huet mat der Politik näischt ze dinn a soll bei der Wal net considéiert ginn. De Kandidat soll sengem Programm no gewielt ginn.“

– Pierre Schiltz,
Deputéierte vun der Rietspartei.

D'ALLGEMENGT WALRECHT


EN NEIT ZÄITALTER FÄNKT UN

Den 8. Mee 1919 huet d'Chamber d'Verfassungsännerunge gestëmmt, duerch déi en allgemengt Walrecht agefouert gouf. Elo konnten all d'Lëtzebuurger*inne vun 21 Joer un, onofhängeg vun hirem Akommes, wielen a vu 25 Joer un och selwer bei Walen untrieden.



Beim Referendum vum 28. September 1919 hu vill Lëtzebuurger*inne fir d'éischte Kéier e Stëmmziedel an eng Urn geheit. De 26. Oktober goufen déi éischt Parlementsvalen nom allgemenge Walrecht organiséiert.

Am Ufank vum 20. Joerhonnert si modern politesch Parteien entstanen, déi sech fir ënnerschiddlech Bevëlkerungsgruppen agesat hunn. Si sinn d'Virleefer vun den haitege Parteien.

© Archives de la Ville de Luxembourg, HO IV 12.4.1V1



Stëmmziedel fir de Referendum vum 28.9.1919



Kandidatelëscht fir déi éischt Parlementsvalen nom allgemenge Walrecht (1919)

© MNHA

03


D'AFÉIERUNG VUM ALLGEMENGE WALRECHT (1918/1919)

D'ALLGEMENGT WALRECHT

GROUSS ABSTENTIOUN BEI DE FRAEN

1919 hunn d'Frae fir d'éischte Kéier un de Walen deelgeholl. Vu 4 Kandidatinne gouf nëmmen eng Fra gewielt: d'Marguerite Thomas-Clement, déi mat e puer Ënnerbriechunge bis 1931 e Sëtz an der Chamber hat. Eréischt 34 Joer méi spéit gouf mat der Astrid Lulling erëm eng Fra an d'Chamber gewielt. 1967 gouf d'Madeleine Frieden-Kinnen als éischt Fra Member an der Regierung.

Um Enn vum Joer 1918 hunn engagéiert Fraen, dorënner d'Marguerite Mongenast-Servais, Petitiounen an d'Weeër geleet, an deene si d'Walrecht fir Frae gefuerdert hunn. Schliisslech konnte si sech duerchsetzen. D'kathoulesch Rietspartei, wéi och d'Sozialisten an déi meescht onofhängeg Deputéiert, hu fir d' Aféierung vum allgemenge Walrecht fir béid Geschlechter gestëmmt.



Vun 1931 bis 1965
goufen et keng Fraen
am Parlament zu Lët-
zebuerg.

© MNHA



MARGUERITE MONGENAST-SERVAIS (1882-1925)

Duerch Artikelen an Aktiounen probéiert si, d'Mënsche fir d'Iddi vum Fraewalrecht ze iwwerzeegen. Si ass politesch staark engagéiert an ass vun 1918 bis 1921 Generalsekretärin vun der Sozialistescher Partei. Si setzt sech fir d'Ofschafung vun der Monarchie an. Hire Papp, den Émile Servais, ass fir zwee Deeg President vu Lëtzebuerg.

© Collection privée



MARGUERITE THOMAS-CLEMENT (1886-1979)

Bei de Chamberwalen 1919 gëtt si als éischt Fra an d'Parlament gewielt. Si mécht sech fir d'Gläichstellung tëscht Mann a Fra staark. Trotz der Aféierung vum Fraewalrecht bleiwe Fraen an anere Secteure benodelegt a ginn diskriminéiert. 1931 gëtt d'Marguerite Thomas-Clement net méi gewielt.

03

D'AFÉIERUNG VUM ALLGEMENGE WALRECHT (1918/1919)

D'ALLGEMENGT WALRECHT

D'WALRECHT ENTWÉCKELT SECH

Zanter der Aféierung vum allgemenge Walrecht huet sech grondsätzlech nëmme wéineg am Lëtzebuenger Walsystem geännert. Bis haut huet Lëtzebuerg e Proporzwalrecht, dat och de méi klenge Parteien d'Anzéien an d'Parlament erméiglecht. Bäibehale goufen och d'Andeelung an déi véier Walbezierker an d'Walflicht.

DEELWALEN: Bis an d'1950er Joren hunn Nationalwale als Deelwale stattfonnt, d. h. all 6 Joer gouf a jeeweils zwee Bezierker nei gewielt. Zanter 1956 ginn d'Wale all 5 Joer an all de 4 Bezierker gläichzäiteg ofgehalen.



GRÉISST VUM PARLAMENT: D'Unzuel vun den Deputéierter stoung laang am Verhältnis zu der Gesamtbevëlkerung: Op 5.500 Awunner koum een Deputéierten. Tëscht 1919 an 1984 huet sou d'Zuel vun den Deputéierter vu Wal zu Wal geschwankt. 1988 gouf d'Zuel vun den Deputéierter op 60 festgeluecht.

WALALTER: Am Ufank louch den Alter vu Walberechtegte bei 21 (fir Wieler*innen) a bei 25 (fir Kandidatinnen a Kandidaten), 1972 gouf en op 18 respektiv 21 erfogesat. Haut kann een och mat 18 Joer bei Wale kandidéieren.



Hätt een den urspréngleche Berechnungsmodus (1 Deputéierten op 5.500 Awunner) bäibehalen, da séizen haut 117 Deputéierter an der Chamber.

© Zentrum fir politesch Bildung



D'Walen
(LTZ/DE/FR/EN)



Bei de Wale vun 2018 hunn am Walbezierk Oste ronn 36.500 Wieler*innen iwver siwen Deputéierter bestëmmt, dem Zentrum stoungen 21 Deputéierter zou, déi vu knapp 73.000 Walberechtegten ze wile waren.

Lëtzebuerg ass opgedeelt a 4 Walbezierker.

KA SECH ENG DEMOKRATIE SELWER OFSCHAFEN?

D'GEFORE FIR D'DEMOKRATIE AN DEN 1930ER JOREN

Am Laf vun de leschten honnert Joer gouf d'parlamentaresch Demokratie méi wéi eemol a Fro gestallt. Déi grouss antidemokratesch Ideologien hunn hiren Héichpunkt an den 1930er Joren erreecht, wéi faschistesche an esouguer nationalsozialistesche Gedanken a Lëtzebuerg verbreet goufen. Munch Leit wollten d'representativ Demokratie duerch autoritär Modeller ersetzen.

An den 1930er Jore war een och iwwer d'wuessend Bedeitung vun der kommunistescher Partei beonrouegt, déi am Verdacht stoung, antidemokratesch ze sinn. 1937 huet d'Regierung zu engem Referendum iwwer dat sougenannten „Maulkuerfgesetz“ opgeruff – „D'Gesetz fir de Schutz vun der politescher a sozialer Uerdnung“. Dëst hätt erméiglecht, bestëmmt politesch Gruppierungen, wéi eeben d'kommunistesche Partei, ze verbidden. D'Gesetz gouf vun 50,6 % vun de Wieler*innen ofgeleent.

© MNHA



Fro um Stëmmziedel
vun 1937:
„Sidd Dir domat aver-
stanen, datt d'Gesetz
a Kraaft trëtt, dat
d'Opléisung vun der
kommunistescher Par-
tei souwéi de Verbänn
ordonéiert, déi duerch
Gewalt oder Mena-
cen d'Verfassung oder
d'Gesetz vum Land
ännere wëllen?“

Plakat vun de Géigner vum „Maulkuerfgesetz“
(1937)

DEN ZWEEETE WELTKRICH

DIKTATUR A LËTZEBUERG

Während der Besetzung vum Grand-Duché duerch d'nationalsozialistescht Däitschland vun 1940-1944 goufen all d'demokratesch Institutiounen ofgeschafft. D'Verfassung an d'Gesetzter goufen 1940 ausser Kraaft gesat, d'Partei goufe verbueden, d'Parlament an de Staatsrot goufen opgeléist. Jiddesch Bierger*inne goufe verfollegt an ëmbruecht, Resistenzler higericht a jonk Lëtzebuerger zwangsrekrutéiert.

D'Grande-Duchesse an d'Regierung sinn an den Exil gaangen an eréischt nom Krich 1944/1945 zeréckkomm. D'Parteien, déi virum Krich bestoungen, hu sech ënner aneren Nimm neigebilt a schonn am Oktober 1945 goufen erëm eng demokratesch Walorganiséiert. No der Erfahrung vun der Besetzung duerch Nazi-däitschland stoung d'Lëtzebuerger Bevëlkerung esou iwweezeegt wéi ni virun hanner der parlamentarescher Demokratie.



Plakat mam Opruff vum däitsche Gauleiter Gustav Simon (August 1940)



Doudesurteeler géint Streikend (1942)



Am Gebai vun der Chamber war vun 1940 bis 1944 d'Reichspropagandaamt.


Hakekräizfändelen um groussherzogleche Palais an um Chamber-Gebai (ëm 1942)

WIELE GOEN HAUTDESDAAGS**D'WALEN**


An enger Demokratie sinn den eigentleche Walvirgang souwéi d'Ausziele vun de Stëmmziedele vun zentraler Bedeitung. All walberechtegt Persoun muss d'Méiglechkeet hunn, wielen ze goen an all Stëmm muss och berécksiichtegt ginn – dobäi reegelen d'Verfassung an d'Gesetzer de Waloflaf.

Deemno ass et net just fir d'Kandidatinnen an d'Kandidate souwéi fir hir direkt Familljememberen, mä och fir all gewielte politesche Mandatsträger verbueden, den Dag vun de Wale an engem Walbüro tätég ze sinn oder sech un der Stëmmenauszielung ze bedeelegen. D'Stëmmenauszielunge sinn dorwäert eraus ëffentlech.

A Lëtzebuerg sinn d'Walbüroen um Walsondeg vun 8.00 bis 14.00 Auer op. D'Wal ass geheim an erfollegt perséinlech, keen däerf am Numm vun enger anerer Persoun eng Stëmm ofginn. D'Wieler*inne kënnen awer aus gesondheetleche Grënn vun enger Persoun an d'Walkabinn begleet ginn. Ëmmer méi Leit maachen hautdesdaags hiert Kräiz scho virum Walsondeg, dëst a Form vun der Bréifwal.



Walkabinnen an engem Walbüro (2018)




WALEN, WALEN, WALEN**GEMENGEWALEN**

Gemengewale ginn et a Lëtzebuerg am Sechsjoresrhythmus. Anescht wéi bei den nationale Wale kënnen bei de Gemengewalen och Netlëtzebuerger*innen, déi op d'mannst zanter 5 Joer am Groussherzogtum wunnen, net just hire Stëmmziedel ofginn, mä och selwer fir e Poste kandidéieren – Buergermeeschter respektiv Buergermeeschtesch kënnen si awer net ginn. Ännerunge si fir 2023 geplangt.

EUROPAWALEN


All 5 Joer ginn déi 6 lëtzebuergesch Vertrieeder*inne fir d'Europaparlament bestëmmt. EU-Bierger*inne kënnen onofhängeg vun der Staatsbiergerschaft un dëse Wale deel huelen. Si dierfe sech dofir entscheeden, ob si un der Wal vun de Lëtzebuerger Europadeputéierter deel huelen oder léiwer an hirem Hierkonftsland wälen. Fir Lëtzebuerger*inne gëllt d'Walflicht.



D'Europäesch Unioun
(LTZ/DE/FR/EN)

SOZIALWALEN

A Lëtzebuerg ginn all 5 Joer Beruffsvertriedunge gewielt: d'Salariéskummer, d'Staatsbeamtekummer, d'Handelskummer, d'Handwierkerkummer an d'Landwirtschaftskummer. All d'Membere vun de Beruffsgruppe kënnen deel huelen, onofhängeg vum Wunnuert an der Nationalitéit. Gläichzäiteg muss a Betriber mat méi wéi 15 Employéen e Personalrot gewielt ginn.



Bei de Sozialwale an Lëtzebuerg sinn all d'Salariéen walfberechtegt, et existéiert awer keng Walflicht.




Auszielung an engem Walbüro

WÉI WIELEN ECH?

WALFLICHT ODER NET?

A Lëtzebuerg sinn alleguer déi volljäreg Bierger an all volljäreg Biergerin ënner 75 Joer dozou verflucht, un der Wal deelzehuelen. D'Walflicht stäerkt d'Legitimitéit an d'Representativitéit vun de gewielte Persounen: Duerno soll kee behappte kënnen, d'Entscheidungunge vun de politesche Responsabele géif si net concernéieren an dëst domat begrënnen, datt si net un der Wal deelgeholl hätten. A Länner ouni Walflicht ass d'Walbedeelegung heefeg ganz niddereg (ënner 50 %).



Walflicht a Lëtzebuerg: D'Walgesetz gesäit Geldstrofe vun 100 bis 250 Euro vir, wann een ouni Erlabnis net wile geet. Tatsächlech goufen awer zanter 1964 keng sou Strofe méi ausgeschwat.

ENG PARTEI ODER KÄPP WIELEN?

Et ass méiglech, eng Lëscht ze wilen an dëser mat engem Kräiz sämtlech Stëmme ze ginn. Et kann ee seng Stëmme awer och op eenzel Kandidatinnen a Kandidaten opdeelen – dat nennt een da *panaschéieren*. Mécht een 2 Kräizer hanner en Numm, da schwätzt ee vu *kumuléieren*.




| Elections législatives du 14 octobre 2018 | | Kammerwahlen vom 14. Oktober 2018 | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
|--|--|---|---|---------------|--------------|-------------|----------------|--------------|----------------|---------------|----------|-----------------|-------------|--------------|---------------|-------------|--------------|----------------|--|--------------------|--|----------------|--|-----------------|--|------------------|--|---------------|--|-----------------|--|-----------------|--|-----------------------|--|------------------|--|---|---------------------------|--|--------------|--|------------------------|--|------------------|--|----------------|--|----------------|--|------------|--|-------------|--|------------------|--|---|-----------------------------|--|--------------------|--|-----------------|--|------------------|--|----------|--|--------------|--|-----------|--|---------------|--|--------------|--|
| Election de 9 députés / circonscription électorale Nord | | Wahl von 9 Abgeordneten / Wahlbezirk Norden | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| 1 Partei für Fortschritt (frz. Parti du Progrès) | 2 Bürgerpartei (frz. Parti des Citoyens) | 3 Wohlsstandspartei (Parti du Bien-être) | 4 Umweltschutzpartei (Parti pour la Protection de l'Environnement) | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| <table border="1"> <tr><td>Wronique Meiers</td><td></td></tr> <tr><td>Al Novir</td><td></td></tr> <tr><td>Michèle Blen</td><td></td></tr> <tr><td>George Aihwell</td><td></td></tr> <tr><td>Jason Ferreira</td><td></td></tr> <tr><td>Jul Weme</td><td></td></tr> <tr><td>Martine Ney</td><td></td></tr> <tr><td>Lindsay Space</td><td></td></tr> <tr><td>Josy Lumière</td><td></td></tr> </table> | Wronique Meiers | | Al Novir | | Michèle Blen | | George Aihwell | | Jason Ferreira | | Jul Weme | | Martine Ney | | Lindsay Space | | Josy Lumière | | <table border="1"> <tr><td>Caroline Stadter</td><td></td></tr> <tr><td>Fanny Ansellin</td><td></td></tr> <tr><td>Antoine Molitor</td><td></td></tr> <tr><td>Elisabeth Origer</td><td></td></tr> <tr><td>Claude Müller</td><td></td></tr> <tr><td>Gianni Borghese</td><td></td></tr> <tr><td>Stefan Boskovic</td><td></td></tr> <tr><td>Anne Olinger-Da Costa</td><td></td></tr> <tr><td>Mariette Majerus</td><td></td></tr> </table> | Caroline Stadter | | Fanny Ansellin | | Antoine Molitor | | Elisabeth Origer | | Claude Müller | | Gianni Borghese | | Stefan Boskovic | | Anne Olinger-Da Costa | | Mariette Majerus | | <table border="1"> <tr><td>Clär Molitor-Zacharassian</td><td></td></tr> <tr><td>Julie Hermès</td><td></td></tr> <tr><td>Fabrice de la Fontaine</td><td></td></tr> <tr><td>Marco Zockerkoop</td><td></td></tr> <tr><td>Fabio De Cecco</td><td></td></tr> <tr><td>Wolfram Buffet</td><td></td></tr> <tr><td>Jeff Besos</td><td></td></tr> <tr><td>Jannof Metz</td><td></td></tr> <tr><td>Pierrette Dupong</td><td></td></tr> </table> | Clär Molitor-Zacharassian | | Julie Hermès | | Fabrice de la Fontaine | | Marco Zockerkoop | | Fabio De Cecco | | Wolfram Buffet | | Jeff Besos | | Jannof Metz | | Pierrette Dupong | | <table border="1"> <tr><td>Mary-Lindsay Johannesdottir</td><td></td></tr> <tr><td>Charel Gringespoun</td><td></td></tr> <tr><td>Maryse Da Silva</td><td></td></tr> <tr><td>Liz Chantecloire</td><td></td></tr> <tr><td>Ed Linné</td><td></td></tr> <tr><td>Freya Darwin</td><td></td></tr> <tr><td>Zoé Besch</td><td></td></tr> <tr><td>Georges Bauer</td><td></td></tr> <tr><td>Pit Campagna</td><td></td></tr> </table> | Mary-Lindsay Johannesdottir | | Charel Gringespoun | | Maryse Da Silva | | Liz Chantecloire | | Ed Linné | | Freya Darwin | | Zoé Besch | | Georges Bauer | | Pit Campagna | |
| Wronique Meiers | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Al Novir | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Michèle Blen | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| George Aihwell | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Jason Ferreira | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Jul Weme | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Martine Ney | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Lindsay Space | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Josy Lumière | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Caroline Stadter | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Fanny Ansellin | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Antoine Molitor | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Elisabeth Origer | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Claude Müller | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Gianni Borghese | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Stefan Boskovic | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Anne Olinger-Da Costa | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Mariette Majerus | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Clär Molitor-Zacharassian | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Julie Hermès | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Fabrice de la Fontaine | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Marco Zockerkoop | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Fabio De Cecco | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Wolfram Buffet | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Jeff Besos | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Jannof Metz | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Pierrette Dupong | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Mary-Lindsay Johannesdottir | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Charel Gringespoun | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Maryse Da Silva | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Liz Chantecloire | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Ed Linné | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Freya Darwin | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Zoé Besch | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Georges Bauer | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Pit Campagna | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| 5 Partei fürs digitale Zeitalter (Parti de l'Économie Numérique) | <table border="1"> <tr><td>Laika Lavenir</td><td></td></tr> <tr><td>Guy Sputnik</td><td></td></tr> <tr><td>Apollo Matos</td><td></td></tr> <tr><td>Stephan Jobbs</td><td></td></tr> <tr><td>Guido Fibonacci</td><td></td></tr> <tr><td>Steve Ballin</td><td></td></tr> <tr><td>Laika Funck</td><td></td></tr> <tr><td>Hugo Gernsback</td><td></td></tr> <tr><td>Guillaume Portbill</td><td></td></tr> </table> | | | Laika Lavenir | | Guy Sputnik | | Apollo Matos | | Stephan Jobbs | | Guido Fibonacci | | Steve Ballin | | Laika Funck | | Hugo Gernsback | | Guillaume Portbill | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Laika Lavenir | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Guy Sputnik | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Apollo Matos | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Stephan Jobbs | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Guido Fibonacci | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Steve Ballin | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Laika Funck | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Hugo Gernsback | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |
| Guillaume Portbill | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | | |

WALKÄMPF

WIELT EIS!

Bei de Wale stellen d'Parteie Kandidatinnen a Kandidate souwéi politesch Programmer op, tëscht deene sech d'Wieler*innen entscheede mussen. Dobäi stinn Zukunftskonzepter vun den ënnerschiddleche Parteien a Konkurrenz zueneen. Dofir gräifen d'Parteien op verschidde Methoden zeréck, fir op sech opmierksam ze maachen – dëst duerch Plakater am ëffentleche Raum, Flyeren, Walversammlungen, Reklamfesten op Mäert asw.



05

WALEN AN D'PARTICIPATIOUN AN ENGER DEMOKRATIE (1945 BIS HAUT)

WALKÄMPF

CHRÛSCHTECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

Brüdder, d' C.S.V. behitt d'Hémecht d'urch den Arbechtsfridd

STÖMMT D'LÖSCHT N° 4

VERSTOEN MAT DER ZÄIT ZE GOEN

Löscht 4

Dat alles leit an denger HAND:

CSV+ Du = e gudden neie Kurs
CSV+ Du = Fridd an Zefriddenheit
CSV+ Du = Ro' a fir Wuelstand ALL

Wiel duerfir d'Löscht vu Männer de' Dir dengen

WIEL D'LÖSCHT Nr 2

Neuer Wind neue Männer zum neuen Bau!

Sozialisten

D'PARO'L FIR DEN 1. FEBRUAR:

et muss ānescht gin!

dofir all Stömm dem **Parti Démocratique**

Löscht 1

wiert iech alternativ löscht 5

géint d'profit-orientéiert fir eng natirlech medizine
gesondheitsindustrie a besser lewensbedingungen

Just elch!

ChrÛschtech Sozial Jugend

Elo.

déi Lénk. Maintenant.

LÉSCHT 1

déi Lénk

www.lenk.lu

DP

5 d' Löscht vum Gaston Thorn

Demokratesch Partei

Rentegerechtegkeet – **Ganz** Mammerent fir **all** Mamm

ADR Kompetent a Konsequent

Parti Socialiste Indépendant

Wielt P.S.I. Löscht 5

d'Partei vum Jean Gremling

Letzeburger!

Wielt letzeburgesch!

Schluss mat der Militärpolitik!
Fir d'Opbesserung vun de Le'n, de Renten an de Gehälter!
Fir Wuelstand, Fridd an Onofhängegkét!

Wielt d'Kommunisten


D'PARLAMENT**SCHLËSSELROLL AN DER DEMOKRATIE**

A Lëtzebuerg gëtt d'Parlament als Chambre des Députés bezeechent. Si huet déi gesetzgebendes, also legislativ Gewalt. D'Deputéiert „maachen“ d'Gesetze.


All Deputéierten huet prinzipiell d'Recht, Gesetzesprojeten ze deponéieren. Doriwwer eraus kontrolléiert d'Chamber och d'Aarbecht vun der Regierung. Den alljäreche Budget gëtt vum Parlament gestëmmt. Ouni Budget wier d'Regierung net handlungsfäeg. An der Chamber ginn et ausserdeem Debatten zu aktuelle politeschen Themen.



Plenarsall vun der Chamber



D'Parlament
(LTZ/DE/FR/EN)



Demokratie
(LTZ/DE/FR/EN)

© Cayambe



D'Chambersgebai

D'PARLAMENT ALS SPIGEL VUN DER GESELLSCHAFT?

Wie sinn eigentlech d'Deputéierter? Wéi vill Fraen a Männer sinn als Vollektivvertrieder am Parlament tätég? Wat fir Beruffer hu si geléiert? Wéi héich ass den Duerchschnëttsalter?




MOYENNE: 53,2 (STAND 8.11.2021)

Den Duerchschnëttsalter vun de Lëtzebuerger Deputéierte läit bei 53,2 Joer.

| | CSV | DP | LSAP | déi gréng | ADR | déi lénk | PPLU | Total | Part |
|-----------------------|-----|----|------|-----------|-----|----------|------|-------|---------|
| Enseignants | 4 | 4 | 1 | 1 | 1 | 1 | - | 12/60 | 20 % |
| Avocats, juristes | 3 | 5 | - | - | 1 | - | - | 9/60 | 15 % |
| Journalistes | 2 | 1 | 4 | 1 | - | - | - | 8/60 | 13,33 % |
| Fonctionnaires | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 | - | - | 6/60 | 10 % |
| Employés | 3 | - | - | 2 | - | 1 | - | 6/60 | 10 % |
| Indépendants | 1 | 0 | 1 | 1 | - | - | 2 | 5/60 | 8,33 % |
| Médecins, pharmaciens | 1 | - | - | 1 | - | - | - | 2/60 | 3,33 % |
| Syndicalistes | 2 | - | - | - | - | - | - | 2/60 | 3,33 % |
| Autres | 3 | 1 | 3 | 2 | 1 | - | - | 10/60 | 16,66 % |
| TOTAL | 21 | 12 | 10 | 9 | 4 | 2 | 2 | 60 | 100 % |

D'Zesummesetzung vun der Chambre des Députés no Beruffer haut.

D'Zesummesetzung vun der Chambre des Députés no Beruffer virum Akraafttriede vum allgemenge Walrecht (1918).



REKORD: 21 VU 60

Obwuel d'Partei fir d'Wale Lëschten opstelle sollen, op deenen déi béid Geschlechter mat op d'mannst 40 % vertrauede sinn, waren am Joer 2021 vu 60 Deputéierter just 21 Fraen. An awer: Rekord zu Lëtzebuerg!

PARTICIPATIOUN BAUSSENT DE WALEN

Eng Demokratie leeft vum Engagement an der Bedeelegung vun de Bierger*innen. An deem Kontext schwätzt een och vun der Participatioun. Dës bedeit eng Mataarbecht u politeschen Entscheidungs- an Ëmsetzungsprozesser. Baussett de Wale ginn et vill Méiglechkeete sech ze bedeelegen.

Eng Méiglechkeet si Petitiounen. Eng Petitioun gëtt bei enger offizieller Plaz oder Administratioun agereecht. Jee méi Leit aus der Bevëlkerung d'Petitioun mat hirer Ënnerschrëft ënnerstëtzen, ëmsou méi Gewiicht ka se kréien. D'Petitionsrecht existéiert zanter 1848.

Nieft Petitiounen, Referendumen a Biergerinitiativen hunn d'Awunner*innen zu Lëtzebuerg awer och weider Méiglechkeeten, sech an d'Gesellschaft anzubringen, z. B. a Biergerforumen, a Biergergemeinschaften, mat Lieserbréiwer, mat enger Parteimemberschaft oder bei Demonstratiounen.

© privat Sammlung Roby Rous



Protest virum Chambergebai (1972)




Biergerbedeelegung
(LTZ/DE/FR/EN)

© Luxemburger Wort / Guy Jalley



Demonstratioun vu Gewerkschaften (2016)




05

WALEN AN D'PARTICIPATIOUN AN ENGER DEMOKRATIE (1945 BIS HAUT)

„ALLGEMENGT WALRECHT!?“

„100 JOER DONO, A WAT ELO?“



D'Evolution vun de Walberechtigten am Verglach mat der Gesamtbevölkerung vu Lëtzebuerg.

WALRECHT VU 16 JOER UN?

WALRECHT JUST FIR LËTZEBUGER*INNEN?

AWUNNERWALRECHT?

**VEREINFACHTEN ZOUANG
ZUR LËTZEBUGESCHER NATIONALITÉIT?**

ONLINE WIELEN?

BIERGERRÉIT?

AUSLÄNNERWALRECHT?

JUGENDPARLAMENT?

KANNER- A JUGENDGEMENGERÉIT?

BIERGERINITIATIV?

